N°7711
Entrée le 06.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 6. Mäerz 2023**

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wunnengsbauminister weider ze leeden.

Laut mengen Informatioune krute verschidde privat Leit déi Garagen a Gebailechkeete vum Fonds du Logement lounen, de Loyer vun de Parkplazen an enger Kéier em méi wéi 90% an d'Luucht gesat, ouni de reelle Grond fir des Erheigung matgedeelt ze kréien.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un den Här Wunnengsbauminister stellen.

- Kann den Här Minister des Haussë bestätegen ?
- Firwat sinn d'Loyer'en vun de Garagen esou staark gehéicht ginn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**
**Deputéiert**

N°7711
Entrée le 17.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

**Äntwert vum Wunnengsbauminister op d'parlamentaresch Fro n°7711 vum 6. Mäerz 2023 vun der Madamm Deputéiert Martine Hansen betreffend d'« Hausse des loyers par le Fonds du logement ».**

Jo, den Wunnengsbauminister kann bestätegen dass et Haussë gouf.

Betreffend d'Haussen vun den Loyer'en vun de Garagen ass ze bemierken, dass 2020 eng nei Grille tarifiaire vum Conseil d'Administration validéiert gin ass, an deër d'Tariffer dem Marché ugepasst goufen, a sait deem gëtt déi Grille no a no emgesaat.

Opgrond vun enger Analyse vum Marché huet de Fonds du Logement festgestallt, dass d'Loyeren vun de Parkplatzen substanziell méi niddereg sinn wéi déi vum Privatmarché. Dëst ass och dorun geschëllt dat iwwer Joren keng Praisadaptatiounen gemacht gi sin an oft net mol en Index applizeiert gi war.

Et sief drun erennert dass dem Fonds du Logement seng Haaptmissioun doranner besteet abordabel Mietwunnengen ze schaffen.

An deem Sënn erfëllt de Fonds du Logement weiderhin komplett sai Rôle fir de Stéit an der Précaritléit ze hellefen.

Lëtzebuerg, den 17/04/2023.
De Wunnengsbauminister.
(s.) Henri Kox

Tour Alcide de Gasperi
4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

Adresse postale :
L-2916 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84819
Fax (+352) 247-84840

www.gouvernement.lu/mlog
www.logement.lu